fnel scouts & guides

Lëtzebuerger Guiden a Scouten

SCOUTING IN LUXEMBOURG

03.07.2023

World Scout Jamboree 2023 KOREA - Luxembourg Contingent Newsletter 8

Léif Guiden a Scouten vu Lëtzebuerg,

Léif Participant'en, Chef an IST,

Et ass net méi lang bis dass mir a Korea fléien, an eist onvergieslech Abenteuer Jamboree 2023 starten. Dëst ass déi läscht Newsletter virum Départ mat allen wichtegen Informatiounen déi dir nach braucht.

1. Depart & Retour

IST

Fir IST ass den Depart den 28. Juli. Et ginn 2 verschidden Horairen fir IST, déi eng Grupp flitt direkt vum Findel aus an déi aner flitt vun Frankfurt aus. Déi wou vun Frankfurt aus fléien, fueren mat engem Minibus vum Sennengerbierg Parking beim Busarrêt Charlys Statioun aus op Frankfurt.
Dir gitt hei vum CMT kontaktéiert a wéi enger Grupp dir sidd an um wéi vill Auer dir musst um Findel sinn.

Retour IST

Ouni Norees
IST déi net mat op Norees ginn, kommen den **12. August géint 20.30 um P&R Bouillon** un.

Mat Norees
IST mat Norees kommen den **18. August géint 23.30 um Findel un**. De Fliger soll um 23.00 Auer landen.

Participants an Chef

Departs fir Participants ass den **31. Juli um 8 Auer Moies um P&R Bouillon** . Vun hei aus fueren mir mat Busser op Frankfurt, wou mir dann den Fliger a Richtung Korea huelen.

WICHTEG! Wann dir mam Auto kommt fir Leit ofzelueden, musst dir **am Parkhaus parken an duerft NET op de Busarrêt fueren**. Soss kommen déi normal Linnebusser net laanscht an et gëtt Chaos!.

GANZ WICHTEG!
Um Depart ginn nach emol folgend Dokumenter kontrolléiert:

- Op dir äre Pass dobäi hutt
- Äre K-ETA musst dir och perséinlech dobäi hunn
- Kopien vun der Sécurité sociale an Impfkaart

Hutt dës Dokumenter w.e.g prett bei Hand iert dir an den Bus klammt, esou dass mir séier fortkommen a keen ze laang waarden muss.

Retour Participants an Chef

Ouni Norees
D'Leit déi net mat op Norees ginn, kommen den **12. August géint 20.30 Auer** um P&R Bouillon un.

Mat Norees
D'Leit mat Norees kommen den **18. August géint 22.30 Auer** um P&R Bouillon un.

➔ Falls sech un der Auerzäit vum Retour sollt eppes änneren, halen mir iech natierlech um lafenden.

WICHTEG! Och hei nach emol, wann dir d'Leit mam Auto sichen kommt, musst dir **am Parkhaus parken an duerft NET op de Busarrêt fueren**.

2. Fir ënnerwee:

Vue dass mir iwwer Mëtteg ënnerwee sinn, roden mir jidderengem un sech ee Pic-Nic anzepaken. Am beschten an enger Broutkëscht, esou hutt dir och um Camp eng dobäi am Fall wou.

W**ichteg!** All iessen kënnt duerch Security Kontroll zu Frankfurt, mee wann mir zu Seoul landen duerft dir keng frësch Saachen méi wéi z.b Mëllechproduite, Uebst, Fleesch asw. dobäi hunn. Denkt och drun ären Bidon duerft dir nëmmen **eidel** mat duerch Security Kontroll an all Flëssegkeeten mussen manner wéi 100ml am Handgepäck hunn. Fir dat grousst Gepäck ass keng Limite.

3. Bestallten Badger, Foulards, T-Shirt a Gadgets

Vill vun iech hunn extra Badger a Foulards bestallt fir mat op den Camps ze huelen. Dir kritt awer och alleguer een T-Shirt an nach puer Gadgets vum Contigent. Fir dat dëst ouni Problem kann geschéien, bieden mir iech dës am Virfeld an **d'Géisserei** sichen ze kommen. Mir sinn zu folgenden Datumer an Auerzäiten do:

- 21 Juli vun 18 Auer – 20 Auer
- 22 Juli vun 14 Auer – 18 Auer
- 23 Juli vun 10 Auer – 12 Auer

Falls dir keen vun dësen Datumer kënnt kommen, kuckt w.e.g mat aneren Leit aus ärer Patrull oder bekannten, op si iech d'Saachen kënnen mathuelen. Falls keng vun dësen Optiounen eng Méiglechkeet ass, kontaktéiert eis w.e.g op cmt@wsj2023.sil.lu

Adresse vun der Géisserei:

5, rue Munchen-Tesch
L-2173 Luxembourg

4. Bezuelen an Täschegeld um Camp

Mir sinn schonn oft gefrot ginn, wéi dat mam bezuelen um Camp leeft. Déi läscht Informatiounen déi mir vun den Organisateuren hunn, ass dass ee kann mat der Kaart (Visa) um Camp bezuelen.
Kuckt hei w.e.g mat ärer Bank wat méiglech ass fir Participants ënner 18 Joer, leider hänkt dëst vun Bank zu Bank of an mir hunn hei keng generell Infoen. Een Beispill wou et gëtt ass eng Prpaid Kreditkaart unzefroen, oder wann dir Klient bei der Superkeess sidd, kann een mat der neier Axxess Visa Kaart och am Ausland bezuelen dir musst dat dann bei ärer Bank fräischalten lossen.

Dir kënnt och Borgeld mathuelen (Euro oder Dollar) an déi dann sur place an Koreanesch Won ëmtauschen.

Mir wëllen och nach emol drun erënneren, dat alles am Präis mat dran ass vun iessen an drénken, och fir d'Leit déi mat op Norees ginn. Participants an IST brauchen just Täschegeld fir sech ee Souvenir oder ähnleches ze kafen.

5. Internet um Camp

Um ganzen Site vum Camp wäert Wifi zur Verfügung stoen, wéi gutt dësen funktionéiert, kënnen mir leider net soen. Fir Internet um Handy ze hunn, bzw ausserhalb Europa ze telefonéieren musst dir mat ärem Telefonsanbieter kucken.

Et ginn hei och am Internet verschidden E-Sim Kaarten (digital SIM Kaart), déi een kafen/oplueden kann fir dann och a Korea erreechbar ze sinn. Och hei ginn et verschidden Méiglechkeeten, kuckt hei am Internet wat fir iech am beschten ass.

6. Materialslëscht

Bei dëser Newsletter, léit och eng detailléiert Materialslëscht dobäi. Kuckt dës w.e.g genee duerch, esou dass dir näischt Wichteges vergiesst.

Am beschten ass et wann dir äre grousse Rucksak an ee sougenannten Flightback paakt, sou dass näischt drun futti geet. An denkt och drun äert Gepäck mat ärem **Numm + Adress ze markéieren.**

7. Info wärend dem Camp

Wärend dem Camp posten mir regelmässeg kléng Updates iwwert d'Liewen um Camp an och Fotoen.

Dëst op eise Sozialen Medien:

- Facebook
- Instagram

An awer och an eiser Whatsapp Grupp. Hei nach emol den Link:

https://chat.whatsapp.com/FLMJEvF0RQu08uDbDukghM

8. Kontakt CMT

Falls dir froen **virum Depart** hutt, dann schreift eis w.e.g **JUST op cmt@wsj2023.sil.lu**

Esou kann är Mail vun méi Leit aus dem CMT gesinn ginn an dir kritt sécher eng äntwert. Mir bieden iech och, eis net op eise privaten Telefonsnummeren ze schreiwen.

Wärend dem Camp ass Sekretariat zou!

fnel scouts & guides

Lëtzebuerger Guiden a Scouten

SCOUTING IN LUXEMBOURG

Kontaktéiert eis w.e.g just **am Noutfall** op folgenden Nummeren am beschten iwwer Whatsapp:

- Pit Demuth +352 661 799 369
- Paul 'Tahr' Fay +352 691 225 555

Mat de beschten Guiden- a Scoutsgréiss,

Fir de Lëtzebuerger Contingent,

Pit & Tahr

Heads of Contingent